# Den LOQ mam LOD

6. Editioun: 12 Froen

(Motto: Dat Schéint an dat Schlecht)

Mëttwoch, 6. Mee, 10:00 + 16:00



# Wat ass en LOQ?

- → LOQ = Live-Ortho-Quiz
- → Test Äert orthografescht Wëssen
- → Multiple-Choice-Froen
- → Spillt live géint aner Leit

lod.lu Lëtzebuerger Online Dictionnaire

DE + FR | DE | FR | EN | PT

**Quiz** **männlecht Substantiv** (*Pluriel* Quizzen / Quizzer)

DE *Quiz* FR *quiz*

Beispill

ech hu bei engem Quiz matgemaach an eng Rees gewonnen

# Wat ass den LOD?

- → Lëtzebuerger Online Dictionnaire
- → E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
- → Ze fannen ënner www.lod.lu

# Testfro: Dee Lausbouf huet keng Gutt an der ...

✓ Kopp!

✗ Kobb!

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt Iech un!




# 6 Ausdréck fir dat Schéint

# 1/12: Dee Klengen ass frou ewéi ...

| | | | |
|---|---|---|---|
| ✗ | ✓ | ✗ | ✗ |
| e Kinnék. | e Kinnek. | e Kinnéck. | e Kinék. |

0

# Kinnek

- → Den "i" ass kuerz a betount, dofir stinn zwee "n" hannendrun.
- → Den "e" ass onbetount, dofir kritt e keen Accent.
- → De "k" gëtt net verduebelt, well d'Silb onbetount ass.

# 2/12: Mäi Brudder huet ëmmer e Witz op ...

✓ Lager.

✗ Laager.

✗ Laarer.

✗ Laacher.

0

# Lager

→ Wéi am Däitschen: Lager.

→ De "g" kann am Lëtz. op verschidde Manéieren ausgeschwat ginn: Lager, Fliger, Gittar, Gilet.

→ Virun engem Konsonant gëtt de laangen "a" net verduebelt.

# 3/12: Hatt ass esou léif an et huet e Gesiicht ewéi ...

| | | | |
|---|---|---|---|
| ✗ | ✓ | ✗ | ✗ |
| e Paangesch. | e Paangech. | e Paangeg. | e Pangesch. |

0

# Paangech

- → D'Form setzt sech etymologesch zesummen aus "Pan" + "kuch".
- → Doduerch steet hannen "ch".
- → De laangen "a" gëtt verduebelt, well hannendrun zwee Konsonante stinn.
- → Et gëtt eng Rei regional Variatioune vun dësem Wuert: Panech, Pan(g)kech, Panekuch.

# 4/12: Ech si vu Freed bal un de ... gesprongen!

Plafong

Plaffong

0

# Plaffong

→ Den "a" ass kuerz a betount, dofir gëtt den "f" verduebelt.

# 5/12: Meng ... sinn esou léif, ech kéint se friessen!

| ✗ | ✗ | ✓ | ✗ | ✓ |
|---|---|---|---|---|
| Cousinnen. | Cousinën. | Cousineën. | Kusinen. | Kusinnen. |

0

# Cousineën / Kusinnen - béides ass richteg!

- "Cousine" dierf net mat "Cousin" verwiesselt ginn, dofir kritt de Pluriel hannen en extra "e".
- Well elo zwee "e" hannereneestinn, kritt de leschten "ë" an der Plurielsendung en Treema.
- Kusin, Kusinnen: Bei der Form "Kusinnen" gëtt den "n" verduebelt, well d'Endung "in" och da verduebelt gëtt, wann d'Silb onbetount ass.

# 6/12: Pass op, hatt wéckelt dech ganz séier …

em de klenge Fanger.

ëm de klénge Fanger.

ëm de klenge Fanger.

0

# ëm de klenge Fanger

→ Den "ëm" fir däitsch "um" kritt ëmmer en Treema.

→ "Kleng" kritt keen Accent, well den "e" geschwat ass wéi bei "Schengen" an net wéi beim Verb "schéngen".



6 Ausdréck fir dat Schlecht

# 7/12: Wie frech ass ewéi en Hond, dee lieft ewéi ...

en Här.

en Häer.

en Häär.

0

# en Här

- Hannerum "ä" steet keen "e", well just ee Konsonant hannendrusteet.
- Virun engem "r" steet ni "ää".

# 8/12: Der Däiwel ass net esou schwaarz, wéi e ...

| ✗ | ✗ | ✓ |
|---|---|---|
| gemolt gëtt. | gemolt gët. | gemoolt gëtt. |

0

# gemoolt gëtt

→ Den "o" ass laang geschwat an et kommen 2 Konsonanten hannendrun, dofir "oo".

→ Den "t" bei "gëtt" ass verduebelt, well den "ë" kuerz ass.

→ "Der Däiwel" ass eng al Nominativ-Form.

# 9/12: Hatt ass zwar eng richteg ...

| Aaschkrëchech | Aaschkréchech | **Aaschkréchesch** | Aaschkrëscheg |
|---|---|---|---|
| ✗ | ✗ | ✓ | ✗ |

0

# Aaschkréchesch

- → Et kann een optional och "Aarsch" schreiwen.
- → "Krécher/Kréchesch" kënnt vum däitsche "Kriecher", dofir mat "ch".
- → Virun engem "ch" dierf keen "ë" stoen, dofir: "éch".
- → Weiblech Ofleedunge vun engem Wuert mat "-er" kréien hannen "esch".
- → Weider Beispiller: Bäckesch, Ligenesch.

# 10/12: Hien ass verhouert ewéi dem Jupp säin ...

| | | |
|---|---|---|
| ✓ | ✗ | ✗ |
| lesel. | lësel. | lësël. |

0

# Iesel

→ Den Duebellaut "ie" kritt keen Treema: iessen, giel.

→ Déi onbetount Endung "el" kritt och keen Treema.

# 11/12: Huel ... an de Grapp a verschwann!

d'Klensch ✓

d'Klennsch ✗

d'Klänsch ✗

d'Kläntsch ✗

0

# Klensch

- D'Wuert geet net op en anert Wuert mat "a" zeréck, dofir keen "ä".
- Tëscht "n" an "sch" gëtt keen "t" geschwat an och net geschriwwen.

# 12/12: Hien ass zwar eng ... Kreatur!

aamséileg

**aarmséileg**

aarmséilëg

aarmséilech

0

# aarmséileg

- Den "r" gëtt geschriwwen, well en zum Wuert gehéiert: eng aarm/arem Persoun (Däitsch: arm).
- D'Form "séileg" setzt sech zesummen aus: séil + eg (Däitsch: "seelig").
- Den "e" an der onbetounter Endung kritt keen Treema.